No7 / Mee 2008

INFO – BLAT

1933-2008
75 JOER AMICALE

Amicale des Anciens Elèves de l'Institut et du Lycée Technique Privé Emile Metz asbl

WWW.AMICALE-LTPEM.LU

Léif Memberen, Eiere-Memberen a Frënn vun der Amicale LTPEM,

Wéi ech am Joër 1991 meng Léier als Technëschen Zeechner am LTPEM ofgeschloss hat, war daat éischt Kapitel vu menger Carrière an deser Schoul zu Enn. Deemools wosst ech nach net, dass en anert Kapitel hannendru kéim. Ech stung zwar emmer a regelméissegem Kontakt mat menger Schoul, an trotzdeem war mir nie an de Sënn komm, dass ech eng Kéier d'Chance geng kréien, op deser Plaatz d'Wuert un Iech därfen ze riichten. Et ass mir haut eng ganz besonnëch Eier a Freed Iech matzedeelen, dass de Comité vun der Amicale LTPEM säi ganzt Vertrauen a mëch leet, fir an Zukunft déi wichteg Funktioun vum Président z'iwwerhuelen.
Eise fréiere Président, de Jim Unsen, dee mat Begeeschterung an onermiddlechem Engagement, während, am Ganzen, iwwer 20 Joer, d'Geschecker vun der Amicale geleed huet, huet décidéiert de Staffelbengel weider ze reechen. Wann ee sech virun Aan hält, mat wéiengem Asaatz de Jim der Amicale während all där Zäit zur Verfügung stung, kann ee verstoen, dass hien elo e besse méi lues well treppelen. Ech well op deser Plaatz vun der Geleenheet profitéieren, dem Jim villmools merci ze soë fir säin Enthousiasmus an déi Energie, déi hien ëmmer fir d'Amicale opbruecht huet. Natiirlëch steet de Jim der Amicale weiderhin als wertvollen an treie Comités-Member zur Säit.

Ech wënsche mir, dass eis Amicale och an Zukunft op esou engagéiert, trei Comitésmemberen ziele kann, an dass mir weiderhin op d'Vertrauen an d'Ennerstetzung vun eise Memberen an och vun eiser Schoul, dem LTPEM, ziele kënnen.

Mat beschte Gréiss,
Laurent Kemp

Laurent Kemp
Président Amicale
laurent.kemp@education.lu

<u>Néie Comité Januar 2008</u>

KEMP Laurent	President
BIEVER Jean	Vize President
BRESSANUTTI Alphonse	Secrétaire
SEYLER-MORIS Laurence	Secrétaire adj/Homepage
LAUX Nicolas	Caissier
SCHEINERT Frank	Caissier adj.
THILL Roger	Adressefichier/ Homepage
KLEIN Carlo	Member
KOLBER Jeannot	Member
UNSEN Jim	Member
KUGENER Ralph	koopteierte Member

Seit kuerzem hu mir e neie WEBMASTER an der Persoun vum Roger Thill hien huet sech dëser Saach ugeholl an d'Resultat kenn Dir elo ennert dëser Adresse gesin
WWW.AMICALE-LTPEM.LU
Des Säit ass elo um leschte Stand a soll ët och bleiwen. Nierwend den Informatiounen iwert d'Amicale fannt Dir och Photoen vun aalen Ofschlossklassen an Informatiounen a Saachen Berufsliewen.

An dëser Editioun

Editorial
DIA OWEND vum 16. Abrël
Compte rendu Assemblée Générale
Présentatioun vum néie Comité
DVD 75 Joër
Invitatioun PhantasiaLand

Dia-Owend vum 16. Abrël

De 16. Abrël haate mir, an Zesummenaarbëcht mat der Elterevereenegung, dem Comité Culturel an de Loups Blancs, op en Dia-Owend invitéiert.

D'Thema vum Owend war: „Mongol-Rally - Vu London an d'Mongolei".

De Luc Kraus, dee selwer am Summer 2007 un deser Rallye deelgeholl huet, huet eis ganz impressionant Biller matbruecht a wosst, déi ronn 70 Leit am Public, mat intressanten Anekdoten ze begeeschteren.

Noom Luc senge ganz spannenden Erklärungen haaten eis Invitéen d'Geleenheet bei enger Coupe an e puer Schnittercher hir Gedanken zu desem ganz flotte Virtrag auszetauschen. Mir wellen op deser Plaatz dem Luc nach eng Kéier merci soë fir dee schéinen Owend.

DVD 75 Joer Amicale LTPEM.

Wou si mer? Wou sti mer?

Also d'Interviewe sinn ënnerdag, dat heescht, déi eenzel Gespréicher goufe koordinéiert a gi mat engem „roude Fuedem" duerch den DVD gefouert. Ee klengen Deel ass scho mat Fotoen ënnermolt. Et bleift nach ee groussen Deel z'illustréieren. Eise Planing ass net opgaangen. Mer sinn hannendran. Mer wäerten am Hierscht den DVD presentéieren.

PORTE OUVERTE
LTPEM
24. MEE 2008

Compte rendu vun der Generalversammlung vum 18.1.2008

Ufank 19.00 Auer

Vum Comité ware présent: Unsen Jim President, Kemp Laurent Vize-President a Public Relations, Alphonse Bressanutti Secrétaire, Seyler-Moris Laurence Secrétaire adj. a Webmaster, Laux Nicolas Trésorier, Thill Roger Webmaster a Verwalter vum Fichier, Scheinert Frank, Scherer André, Kolber Jeannot a Klein Carlo Memberen.

Desweidern ware présent : Armand Lengler Directeur adjoint, den Direkter René Tissier war verhennert, Champagne Fernand President vun de Loups Blancs, Legille Pierre President vum COCU a 9 Memberen. De Kolber Jeannot huet Elterevereenegung vertratt.

Begréissung duerch de President. Seet alle Merci déi am Laf vum Joer gehollef hunn. Ernimmt speziell Direktioun fir hier Ënnerstëtzung. An dësem Jubiléiumsjoer ernimmt hie speziell den 1. President, den Här Jean Majerus, vir de keng Stonn ze fréi oder ze spéit war wann et em seng Amicale goung. E vergësst awer net all deenen aneren Presidente Merci ze soen. Freet eng Gedenkminutt fir déi am vergaangene Joer verscheede Memberen.

An eegener Saach ass de President nom 50sten Anniversaire frou och den 75sten Anniversaire als President kënnen ze feieren. Am Laf vum Joer gëtt hie sei Posten un die jonk Generatioun of a freet d'Vertraue vun de Membere fir de neie President.

Aktivitéitsbericht vum Secrétaire gëtt vun der Assemblée ugeholl.

Caissëbericht vum Trésorier. Einnamen: 6474,63 €, Ausgaben: 4625,81 €, Boni: 1848,82 € (Doen fir den DVD an d'Ausgaben fir den DVD abegraff)

Caisserevisore Roger Mahr a Legille Pierre hun Caisse kontrolléiert, kee Feeler fonnt a bieden d'Assemblée de Caissier ze entlaaschten. D'Generalversammlung gëtt hiren Accord.

Nei an aal Caisserevisore sinn: Roger Mahr a Legille Pierre

Neiwale vum Comité. Memberen déi austrieden an hir Kandidatur erëm stellen: Kemp Laurent, Seyler-Moris Laurence, Thill Roger a Scheinert Frank. Als nei Umeldung koum den Biever Jean. Die virgenannte Memberen an de Biever Jean si vun der Assemblée ugeholl ginn. De Scherer André ass aus beruflechen a perséinleche Grënn net méi am Comité. De President, Unsen Jim, seet him, fir seng geleschten Aarbecht, Merci.

Activitéite déi 2008 :

Journée Anniversaire mat Présentatioun vum DVD

Gréisser Visite iwert 2 Deeg

De Kraus Luc, Maître d'enseignement pratique an eiser Schoul, présenteiert seng Rees déi hien mam Auto vu London bis an d'Mongolei gemach huet

Fräi Aussprooch: Froen iwert de genëeen Grëndungsdatum vun derAmicale, iwert Grëndungsmemberen, iwert den DVD an iwert d'Memberszuel déi ofhëllt. Heizou eng Propose fir déi Schüler déi méi lang wéi 5 Joer a manner wéi 10 Joer aus der Schoul sinn ze kontaktéieren.

Schlusswuert vum Directeur adjoint Armand Lengler : Seet dem Comité Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht a wënscht hir vill Succès fir Zukunft. Desweideren informéiert hien iwert dat nei Schoulgesetz.

Enn vun der Generalversammlung um 19.55 Auer.

Duerno war ee gemittlecht Gespréich bei "engem" Patt a bei "engem" Schnittchen.

Invitatioun

D'Amicale des Anciens Elèves de l'Institut et du Lycée Technique Privé Emile Metz

invitéiert an Zesummenarbescht mat der Elterevereenegong op en Ausfluch op Brühl an

E Méindeg, den 23. Juni 2008 (Nationalfeierdag)

Départ moies ëm 7.00 Auer am Schoulhaff vum LTPEM

Retour vu Brühl 18.00 Auer, esou dass mir nët ze spéit erëm sin.

De Präis pro Persoun 30,00 €

Mir maachen Iech allerdéngs drop opmierksam, dass d'Kanner a Begleedong vun engem Erwuessenen musse sin.

Mellt Iech w.e.g. un, andeems Dir dëse Coupon bis spéitstens 24. Mee un :

AMICALE LTPEM
7, rue de Marche
L-2125 LUXEMBOURG oder amicale@amicale-ltpem.lu

Zeréckschéckt, oder op der Porte ouverte, de 24. Mee ofgitt.

Vu, dass am ganzen ronn 70 Platzen ze Verfügung stin gëllen d'Umeldungen eréischt, wann bis de 24. Mee och d'Geld um Kont vun der Amicale

CCPL IBAN LU65 1111 0233 3353 0000 ukomm ass

Well d'Entrées-Ticket'ën am viraus bestallt gin an och bezuelt musse gin, kënne mir kee Remboursement maachen, wann een sech nom 1 Juni 2008 ofmellt.

Fir weider Detailler kënnt Dir Iech un de Jeannot KOLBER GSM 661190659 wenden.

Umeldung Phantasialand den 23. Juni 2008

Numm, Viirnumm…….

Adresse……..

mellt…….Persounen…….un, an iwwerweist gläichzäiteg de Montant vun

…… € op de Kont vun der Amicale.